N°4378
Entrée le 02.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden.

Laut der neitster STATEC-Etüd iwwert de Gebrauch vu soziale Medien am Joer 2025 gëtt drop higewisen, datt ëmmer méi Leit déi sozial Medie just consomméieren, ouni selwer aktiv ze sinn. Dat passiivt Benotze geet deemno däitlech erop (57% am Verglach zu 45%), wärend dat aktiivt Benotze liicht erofgeet (40% am Verglach zu 43%). D'Benotzungsmuster variéiere staark no Alter, besonnesch wat d'Plattformen ugeet, déi am meeschte benotzt ginn.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Huet d'Madamm Minister eng detailléiert Analys vun der Entwécklung vum passive Gebrauch vu sozialen Netzwierker gemaach mat deenen domat verbonnene Risiken (Desinformatioun, Manipulatioun, Sucht) fir verschidden Altersgruppen, dorënner och eeler Leit?
2. Verfüügt d'Madamm Minister iwwer konkret Donnéeë betreffend de Gebrauch vu soziale Medien, gestaffelt no Altersgruppen, bannent deene leschten zéng Joer?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier
ministre, chargée des Médias et de la
Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE an dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Fro n° 4378 vum 1. Juli 2026 vum honorablen Deputéierten Dan HARDY.**

1. **Huet d'Madamm Minister eng detailléiert Analys vun der Entwécklung vum passive Gebrauch vu sozialen Netzwierker gemaach mat deenen domat verbonnene Risiken (Desinformatioun, Manipulatioun, Sucht) fir verschidden Altersgruppen, dorënner och eeler Leit?**

BEE SECURE féiert reegelméisseg Ëmfroe bei Elteren, Jugendlechen a Kanner duerch. Dobäi ginn deels rekurrent an och ëmmer nees nei Froe ronderëm d'Internetsécherheet vu Kanner a Jugendlecher an aktuell Notzungstrends gestallt, ënnert anerem och Froen zu a ronderëm sozial Netzwierker. Zanter 2022 ginn am BEE SECURE Radar, deen eemol am Joer am Kader vum Safer Internet Day publizéiert gëtt, Erkenntnisser iwwer Online-Notzungstrends vu jonke Leit zu Lëtzebuerg an entspriechende Risiken thematiséiert.

Stand haut gouf et nach keng spezifesch Froen zum passive Gebrauch vu sozialen Netzwierker am Kader vun eegenen Ëmfroe vu BEE SECURE.

2. **Verfüügt d'Madamm Minister iwwer konkret Donnéeë betreffend de Gebrauch vu soziale Medien, gestaffelt no Altersgruppen, bannent deene leschten zéng Joer?**

De leschte Medialux-Rapport, dee vun der Dr. Stéphanie Lukasik an dem Dr. Raphaël Kies vun der Universitéit Lëtzebuerg ausgeschafft gouf, enthält e ganzt Kapitel iwwer d'Notzung vun de sozialen Netzwierker. Dobäi ginn ënner anerem déi duerchschnëttlech Notzung vun de sozialen Netzwierker no Altersgrupp.

De leschte Joresrapport vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher (OKAJU) enthält a sengem Iwwerbléck iwwer déi digital Realitéit vun de Kanner zu Lëtzebuerg och Donnéeën, déi no Alterskategorië gegliddert sinn.

Weider Donnéeë sinn um Internetsite vum STATEC verfügbar, méi genee an den Infografiken 06/2026, 03/22 an 04/2026, déi sech op Stress an schiedlech Inhalter, d'Notzung vun de sozialen Netzwierker an d'Intensivéierung vun hirer Notzung am Joer 2025 bezéien.

Am BEE SECURE Radar goufe Schüler aus Grondschoulen a Lycéeë tëscht 2023 an 2026 all Joers gefrot, wéivillt Prozent vun hinnen eegenen Aussoe no Applikatioune wéi WhatsApp, Snapchat, Instagram, Tik Tok a Facebook notzen.

Déi relevant Zuelen fënnt een an de jeeweilege Radaren, déi um Internetsite vu BEE SECURE[1] a vum Service national de la jeunesse[2] zougänglech sinn.

---

[1] https://www.bee-secure.lu/fr/publications/#type-rapports
[2] https://www.snj.public.lu/publications/

An de leschte Jore goufen doriwwer eraus am BEE SECURE Radar follgend Aspekter am Bezuch op sozial Netzwierker befrot:

- D'Notzungszäit vu sozialen Netzwierker (ouni tëscht aktiver a passiver Notzung ze differenzéieren)
- Aschätzungsfroë wéi zum Beispill d'Auswierkunge vu soziale Medien op d'Wuelbefanne vu Jonker
- D'Begéine vun Haass-Inhalter op sozialen Netzwierker
- Den Alter, an deem Kanner hiren éischte Social Media Account ageriicht hunn

Nieft den Ëmfroe vun BEE SECURE liwwert och d'Youth Survey Luxembourg, eng quantitativ Ëmfro, déi all fënnef Joer vun der Uni Lëtzebuerg an Zesummenaarbecht mam Educatiounsministère duerchgefouert an am Kader vum Jugendbericht publizéiert gëtt, zousätzlech Donnéeën zum Gebrauch vu soziale Medie bei de Jonken.

Lëtzebuerg, den 30 Juli 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE